

CSV
CSV-FORUM

# PSYCHIATRIE

Wat fir eng psychesch Gesondheets-
versuergung brauch eist Land?

DEN 10. NOVEMBER ZU LEIDELENG



Léif Fréndinnen, léif Frënn,

Déi psychesch Gesondheet ass zesumme mat der kierperlecher Gesondheet d'Viraussetzung fir d'Wuelbefanne vum Mënsch.

Déi psychesch Stéierungen an de psychosoziale Stress an eiser moderner Gesellschaft sinn net nëmmen eng grouss Erausfuerderung fir d'Gesondheetspolitik.

Mir wëllen méiglech Weeër fir d'Zukunft mat Iech zesummen diskutéieren ënnert der Leedung vum Sylvie Andrich-Duval.

Den CSV-Forum ass d'Diskussiounsplattform fir de parteiinternen Debat iwwert déi wichteg politesch, sozial an ekonomesch Froe vun eiser Zäit.

All CSV-Member ass invitéiert, matzemaachen. Dofir gitt dës Invitatioun, déi aus organisatoreschen Grënn net un all eenzele Member ka geschéckt ginn, virun.

**MARC SPAUTZ**
Parteipresident

**CLAUDE WISELER**
Fraktiounspresident

**LAURENT ZEIMET**
Generalsekretär



CSV-FORUM

## PROGRAMM

**18.30 AUER ///** ACCUEIL
**19.00 AUER ///** INTRODUKTIOUN
**19.15 AUER ///** DISKUSSIOUN

- Ass e Kaderplang fir eis Psychiatrie néideg? (e.a. d'Plaz vum neuropsychiatreschen Rehazenter, vun der Psychotherapie)
- Wou ass d'Plaz vun der Präventioun a wou soll vernetzt ginn?
- Wéivill net stationär an ambulant Versuergung ?
- Wat fir eng Äntwerten op Suchtproblemer?
- Wéi déi psychesch Belaaschtungskrankheeten op der Aarbechtsplaz geréieren?
- Wéi d'psychiatresch Problemer am Alter, an der Geriatrie ugoen?
- Wéi eng spezifesch Hëllef fir Risikogruppen (Persounen mat enger Behënnerung, ouni Daach iwwer dem Kapp, am Strofvollzug, Flüchtlingen)?

**20.30 AUER ///** SYNTHEES A CONCLUSIOUNEN

IMPRIME ATR
P/FD.061

PRIORITY PRIORITAIRE

POST LUXEMBOURG

Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG

PORT PAYÉ
PC1001002

CSV FRAKTIOUN

CSV CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

## ADRESS VUM DAG

Kultur- a Veräinsbau an der Eech
4, rue Eech
L-3352 Leideleng

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT

www.mobiliteit.lu

## UMELDUNG

Mir bieden Iech, Iech w.e.g. bis Dënsdes, 8. November am CSV-Generalsekretariat
22 57 31 1 / csv@csv.lu unzemellen.

Fir weider Froe stinn d'Mataarbechter vu Fraktioun a Generalsekretariat
zu Ärer Dispositioun.

FIR IESSEN A GEDRÉNKS ASS GESUERGT